ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Joe Thein aus der ADR ausgeschloss

Pressematdeelung vum 9. Mäerz 2017

Am Kader vum Disziplinarverfahren, dat den Nationalkomitee a senger Sëtzung vum 1. Mäerz géint de Joe Thein decidéiert huet,
nodeems de Parteipresident Jean Schoos an de Generalsekretär Alex Penning den 3. Mäerz de Joe Thein am Numm vum Nationalkomitee gehéiert hunn,
nodeems si haut dem Nationalkomitee hire Rapport virgeluecht hunn, aus deem ervirgeet, datt de Joe Thein am Laaf vun deene leschte Joeren, no ville Gespréicher tëscht de Responsabele vun der Partei an him, e sëlleche Mahnungen ausgesprach krut, well hien d'Prinzipie vun der Partei net respektéiert huet,
huet den ADR-Nationalkomitee festgestallt, datt de Joe Thein, trotz deene sëllechen Ermahnungen, weiderhin Aktiounen ënnerholl huet, déi der Partei geschued hunn
an huet doropshinn decidéiert, de Joe Thein aus der ADR auszeschléissen.

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique **20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg**